ADR
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 26. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, d'Madamm Justizminister an un den Här Policeminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 3912 no antisemittesche Strofdote schreiwen d'Madamm Justizminister an den Här Policeminister ënner anerem Follgendes: "*Déi antisemitesch motivéiert Strofdoten sinn net als solch registréiert, well se net ënnert där Form erfaasst ginn. Op der enger Sait kënne generell ënnert „Discriminatioun an Rassismus" och vill aner Motiver fale wéi just antisemitesch motivéiert Faiten. Op der anerer Sait kënnen och aner Infraktiounen (zum Beispill Coups et blessures volontaires, Injures, asw.) eng antisemitesch Motivatioun hunn, ouni dass dat bekannt ass, respektiv statistesch erfaast gëtt".*
An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nummer 3064 vum honorablen Deputéierten Här Dan Biancalana nom nationalen Aktiounsplang géint Antisemitismus, schreift den Här Staatsminister ënnert dem Punkt 5 awer: "*Comme indiqué dans la déclaration du Conseil de l'UE du 6 décembre 2018 prémentionnée, il est aussi envisagé d'améliorer la capacité à enregistrer et à recueillir les données relatives à l'antisémitisme au Luxembourg*".

Duerfir géif ech der Regierung gär des Froe stellen:

1) Wéi erkläert sech dësen apparenten Ënnerscheed tëschent deenen zwou Äntwerten?
2) Ginn dës Donnéeën, sou wéi den Här Staatsminister se an der Äntwert op d'Fro Nummer 3064 uginn huet, no der Antisemitismusdefinitioun vun der IHRA an deenen entspriechenden Aarbechtsbeispiller erfaasst? Falls net, kéint d'Regierung elaboréieren, wéi des Decisioun motivéiert ass? A wéi enge Beräicher soll den Antisemitismus zu Lëtzebuerg zukünfteg erfaasst ginn?
3) Bezitt des geplangten Erfaassung sech, en vue vun der Äntwert op meng Fro Nummer 3912 och ob de Beräich vum Strofrecht? Falls jo, kéint d'Regierung preziséieren, ob Gesetzesännerungen an deem Beräich geplangt sinn a, wa jo, wéi eng?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742